

wäert kaschten. Mir sinn deemools attackéiert ginn. Et ass gesot ginn, Dir hutt eppes géint den Här Goebbels, wéi mer de CITA opgeworf hunn.

Mir sinn op Grond vun enger Äntwert op eng Question parlementaire vum Här Henckes gewuer ginn, dass mer elo scho bei Estimatiounen vun zwou Milliarde si fir dee Blödsinn, deen do ass. Well wat hutt Der op där Autobunn? Dir gesitt schonn déi rout a wäiss Däppecher riets e lénks niewent Iech, an op eemol kritt Der uewen och nach gesot, passt op, et ass e Chantier hei.

Mir erlaben eis de Luxus, eis dat zwou Milliarde kaschten ze loossen. D'Chamber ass ni gefrot ginn, ob se der Meenung wier, dass dee Projet sënnvoll wier an därft zwou Milliarde kaschten. Deemools huet den Här Goebbels eis nach gesot, e kascht eng Milliard. Dat wier e flotten Objet fir d'Commission de l'Exécution budgétaire, just als klengt Beispill beim Fonds des Routes.

(Interruptions diverses)

Mir si gespaant, wat déi 14 Kilometer Autobunn tëschent Miersch an dem Kierchbiérg kaschten, wou mir eis haut scho freeën, wa se fäerdeg sinn. Mir hunn d'Schëlde scho fäerdeg, wann de Chaos um Kierchbiérg ass, an da soe mer, mir haten Iech et 1998 gesot. Mir sinn iwwerzeegt, haut, dass et mat 14 Milliarden net wäert duergoen. Mir sinn iwwerzeegt, dass et mat 20 Milliarden net wäert duergoen.

Et kann net sinn, dass e Minister eleng kann iwwer Milliarden decidéieren, ouni regelméisseg mussen hei an d'Chamber zrëckzekommen. Mir wëllen iwwerhaapt net de Fonds des Routes ofschafen, mä mir hätte gär, dass all eenzelne Projet, wéi et an engem Fonds pour l'Environnement ass, an an anere Fongen, hei an der Chamber mat engem konkrete Chiffer votéiert gëtt an, wann en Dépassement ass, dass einfach en zweet Gesetz muss an d'Chamber kommen. Net méi an net manner wëlle mir. Zu Zäiten, wéi de Ministère an aneren Hänn war, ass weinstens eng zaghaft Kritik vun der CSV komm, mä elo, wou se de Ministère selwer hunn, gëtt net dofir gesuergt, dass Transparenz kënnt. Et wonnert eis e bëssen, an da versti mer d'Logik guer net, dass se elo dergéint sinn, dass dee Fong hei soll kommen.

Dat zur CSV.

M. le Président.- Domat hätte mer dee Punkt ofgeschloss, a mir kommen zum leschte Punkt vun eiser Dagesuerdnung, nämlech d'Proposition de loi 4653 vum Här Robert Garcia iwwert d'Structures d'accueil vun de Kanner an de Primärschoulen.

Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Wiseler, Calmes a Gibéryen.

D'Wuert huet elo den Auteur vun der Proposition de loi, den Här Robert Garcia.

9. Proposition de loi 4653 relative à l'organisation de structures d'accueil pour les enfants fréquentant l'enseignement primaire et modifiant la loi modifiée du 10 août 1912 concernant l'organisation de l'enseignement primaire

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG), auteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mat dëser Pro-

position de loi keen neie Fong schafen, mä op de Fong vun engem Problem agoen, deen elo scho säit Joren hei am Lëtzebuerger Land dohinner schleift, nämlech dee vun de Structures d'accueil fir d'Kanner an der Primärschoul an am Préscolaire.

Den Zweck vun dëser Proposition de loi ass, fir flächendeckend am ganze Lëtzebueger Land, ähnlech wéi bei der Aféierung vun der Education précoce, Structures d'accueil an alle Gemengen anzeféieren, allerdéngs mat deem groussen Ënnerschied, dass d'Vitesse de croisière vun där Aféierung net wéi deemools bei der Education précoce mam TGV, mä éischter mat engem « slow-foot » soll geschéien.

Déi Proposition de loi verfollegt dräi Objektiv:

1. Mir wëllen d'Diskussioun iwwert d'Rythmes scolaires vun engem Niveau, wou et drëm geet, fir hei an do eng Stonn ofzehaken oder hei an do un d'Stonne réckelen ze goen, op den Niveau brénge vun enger méi globaler Vue vun der Qualitéit vun der Schoul, a mir wëllen d'Schoul ausbaue vun de reng schoulesche Strukturen hin zu parascolaire Strukturen, déi mat der Schoul solle verbonne sinn.

2. Mir wëllen en Droit fondamental fir all d'Leit schaffen, fir hir Kanner kënne vun deene Structures d'accueil profitéieren ze loossen, ähnlech wéi et am Schoulgesetz vun 1912 verankert ass fir den Enseignement scolaire, mat allerdéngs deenen zwou wichtege Nuancen:

- éischstens, dass déi Structures d'accueil net obligatoresch, mä fräiwëlleg solle sinn, an

- zweetens och net gratis, mä vun den Elteren zumindest deelweis an och en fonction vun hire Moyene solle bezuelt ginn.

3. Mir erwaarden eis, ähnlech wéi bei der Education précoce, e gewëssene katalyteschen Effekt bei deene Gemengen, déi de Moment d'Problematik vun de Structures d'accueil nach net richtig erkannt hunn, fir dass déi quasiment solle sanft gezwonge ginn, fir esou Structures d'accueil anzeféieren, déi sech da wäerte bénéfiques fir d'Kanner vun hirer Gemeng auswierken.

Mir hunn eis d'Fro gestallt, wéi mer déi doten Iddie sollen a legislativ Mënz ëmsetzen, a mir hunn dunn e bëssen d'Schoulgesetz vun 1912 analyséiert, dat zwar relativ chaotesch ass, an och zimlech vétuste, wou och scho gesot gëtt, dass et soll reforméiert ginn. Allerdéngs si säit dem 1. Januar vun dësem Joer d'Chancë gestiegen, dass dat Gesetz nach an deemselwechte Jor ausend soll geännert ginn, wéi et elo diskutéiert gëtt.

En attendant hu mer an d'Kapitelen III an VIII gekuckt vun deem Schoulgesetz vun 1912. Do ass definéiert, ënner wéi enge Konditiounen d'Kanner d'Recht hunn op déi Structure vun der Schoul.

Am Kapitel VIII sinn d'finanziell Modalitéite beschriwwen.

Mir hunn dunn analogue dozou e Kapitel IIIb an e Kapitel VIIIb proposéiert anzeféieren an d'Schoulgesetz

vun 1912, déi eng ähnlech Démarche bei de Structures d'accueil vum Primär solle virgesinn.

Wéi gesot, deen Droit vun deene Structures d'accueil implizéiert keng Obligation an och keng Gratuitéit, wéi dat bei der öffentlecher Schoul de Fall ass. Si ass also an där berühmt-ominöser Diskussion tëschent Fraen a Männer, déi schaffen, a Fraen a Männer, déi doheem bleiwen, wäertneutral, well se jidderengem fräistellt, seng Kanner an déi Structures d'accueil entweder ganz oder deelweis ze schécken oder seng Kanner no dem Enn vun der Schoulzäit doheem ze loossen.

Déi Structures d'accueil sinn also no deem heite Gesetz, ähnlech wéi et och am Schoulgesetz virgeschriwen ass, obligatoresch fir d'Gemengen. Allerdéngs wëlle mer déi Aféierung, net wéi bei der Education précoce, iwwerstierzen, mä de Gemenge sechs Joer, à compter vun der Aféierung vun deem Gesetz, Zäit ginn, fir déi Strukturen ze schafen, well et a verschiddene Gemenge wahrscheinlech méi schwierig ass, fir esou Strukturen ze schafen. Ech denken zum Beispill, dass et a gréisseren Agglomératione sécherlech méi schwierig ass, fir nei Strukturen no bei der Schoul ze maachen, wéi a ländleche Gemengen.

D'Fonctionnementszäiten hu mer an deem Gesetz hei net definéiert, well d'Gemenge sollen eng gewëss Flexibilitéit hunn, well do sinn d'Donnéen allgemeng verschidden, an et sollen iwwer Règlement grand-ducal Mindestnorme festgesat ginn. Zum Beispill gëtt et och Gemengen, wou vläicht méi Leit sinn, déi zu zwee Samschdes schaffen, wou vläicht de Besoin ass, fir Samschdes esou en Angebot ze maachen, wat vläicht an anere Gemengen net néideg ass.

D'Aktivitéiten an deene Structures d'accueil gesi mir op dräi Volet verdeelt. Dat eent ass de minimale Volet, nämlech dee vun der Garderie, dat heescht déi Kanner, déi entweder net d'Méiglechkeet hunn, fir heemzuegoen, oder och vläicht net wëllen heemgoen, sollen eng Kantine offréiert kréien, eng qualitativ héichwäerteg allerdéngs, an och eng Opsicht hu während där Zäit, wou hir Eltere schaffen.

Den zweete Volet ass vill méi wichteg. E beinhalt déi Aktivitéiten, déi direkt mat der Schoul a Kontakt sinn. Mir mengen nämlech, dass et zwar wichteg ass, dass d'Kanner méi bei hiren Eltere sinn, mä wann herno déi Aktivitéiten tëschent Elteren a Kanner sech haaptsächlech op Hausaufgabe beschränken, da gesi mir dat net als eng sënnvoll Beschäftigung un. Et ass méi sënnvoll, dass d'Eltere sech déi individuell Suerge vun de Kanner unhéieren a Freed um Spille mat hire Kanner hunn, wéi sech mat Saachen ze beschäftegen, déi eigentlech an d'Schoul gehéieren. Dofir wëlle mer an déi Structures d'accueil e relativ seriöse Volet vu Cours d'appui, études dirigées, école et devoirs, travail individuel an esou weider abauen. E bëssen dat, wat mir fréier, an eiser verflossener Jugend, a Form vum Silenz haten, wou mer ganz wéineg deemools iwwer Hausaufgaben an Ähnlech geschwat hunn, well dat eigentlech keen Thema war, well mer an deem sougenannte Silenz individuell geléiert hunn, selbstänneg ze schaffen, wat haut net méi esou Usus ass. Déi Elteren, déi d'Fäegkeeten an d'Zäit hunn,

fir mat hire Kanner Hausaufgaben ze maachen, sinn natierlech bevirdelegt par rapport zu deenen Elteren, déi keng Zäit oder net déi néideg Kenntnisser hunn, fir déi ëmmer méi komplex Matière mat de Kanner ze traitéieren.

Deen drëtten Volet vun deene Structures d'accueil ass an deem e bësse méi sozialpedagogesche Beräich. Dat, wat fréier vill op der Strooss passéiert ass, passéiert haut wéineger op der Strooss, well op der Strooss aner Saache passéieren, déi net méi esou gënschteg fir d'Kanner sinn.

Et ass natierlech kloer, dass déi sozial Aktivitéiten an deene Structures d'accueil net alleguer déi Sportscluben oder Musikaktivitéiten an aner kulturell Aktivitéite kënnen ersetzen. Dofir soe mir, dat ass eng Offer, déi volontaire ass, an déi Kanner, déi an aner Aktivitéite ginn, sollen natierlech kënnen deenen Aktivitéiten nagoen.

Wat elo d'Strukture selwer ubelaangt, do kënn natierlech eng Diskussioun op, ob een dat soll an der Schoul maachen, oder ausserhalb vun der Schoul. Op engem Seminär, dee mer e Samschdeg haten, war eng Schoul aus dem Saarland, wou all déi Aktivitéiten innerhalb vun der Schoul passéieren. Mir hunn awer éischter d'Tendenz, fir et net esou ze maachen, dass d'Kanner herno vu moies aacht bis owes sechs ëmmer an deemselwechte Schoulsall setzen, à moins dass déi Schoul Raimlechkeete géif bidden, déi méi polyvalent sinn.

Et ass och wichteg, dass déi Strukturen net nëmme Säll bidden, wou d'Kanner zesumme sinn, mä och sougenannt Refugen ubidden, wou d'Kanner och emol kënnen individuell schaffen oder soss Aktivitéite maachen, déi se vläicht doheem op hirem Zëmmer maachen.

Et ass ganz wichteg, wann een esou Infrastrukturen opbaut, dass déi Infrastrukture méiglechst attraktiv sinn, méiglechst an der nääherer Umgebung vun der normaler Schoul sinn, awer net onbedéngt an deene selwechte Klasseraim si wéi déi, wou d'Kanner normalerweis setzen.

Wat d'Gestioun vun de Structures d'accueil ubelaangt, esou hu mir eng aner Approche wéi d'Regierung. Si huet d'Kompetenze gesplit tëschent dem Unterrichtsministère, dee fir de schoulesche Beräich zoustänneg ass, an dem Familljeministère, dee fir deen anere Beräich zoustänneg ass. Ouni wëllen do iergendeng Hierarchie vu Bewäertung vun de Ministère ze woen, si mir aus zwee Grënn der Meenung, dass ee soll een eenzege Ministère de tutelle maachen, nämlech den Educationministère, well dat scho bei der Education différenciée net esou schrecklech gutt geklappt huet, an zweetens - an dat ass deen haaptsächleche Grond -, well mir eigentlech déi Structures d'accueil net als eng reng Garderie ugesinn, mä als eng qualitativ Suite vun der Schoulzäit, wou deelweis Saachen opgeschafft ginn, déi et net méi méiglech ass, an der Schoul ze maachen, vu dass d'Schrumpfung vun de Programmer an d'Verbesserung vun de Methoden, déi hei op alle Bänke gefuerdert ginn, wahrscheinlech och net fir haut a fir muer sinn.

Dofir si mir eigentlech derfir, fir ee Ministère de tutelle ze maachen, an dat Personal, dat an deene Strukturen schafft, soll qualifizéiert sozio-pedagogesch Personal

sinn, zumindest déi Persounen, déi à plein temps oder à temps partiel un der Gestüon bedeelegt sinn. Dat verheñnert net, dass ee fir spezifesch Aufgaben, zum Beispill fir d'Kantin, oder wann emol eng Kéier e Gäertner kënnt, fir e Schoulgaart hëllefen unzeleeën, natierlech Leit hëlt, déi net onbedéngt eng sozio-pedagogesch Ausbildung hunn.

D'Detailer wëlle mir regelen iwwer Règlements grand-ducaux, well et néideg ass, vu Gemeng zu Gemeng e bëssen ze ventiléieren an op déi spezifesch Besoinen anzegoen.

E leschte Punkt, deen ech nach kuerz wollt zitéieren, dierft vill méi d'Buergermeeschteren, d'Schäffen an d'Gemengeleit interesséieren, nämlech deen, wat et soll kaschten. Mir hunn do e Modell entwéckelt, wéi et oft de Fall ass, nämlech e Cofinanzement tëschent verschidde Partner.

Wat d'Investissementer fir déi Infrastrukturen ubelaangt, do soe mer, si sollen zur Halschent vun de Gemengen an zur Halschent vun dem Fonds d'investissement scolaire vum Stat bezuelt ginn. Mir hunn einfach e bëssen d'Käschten extrapoléiert vun deene Strukturen, déi de Moment am dem «autonome Fürstentum Biekerech» geféiert ginn. Do hu mer erausfonnt, dass et géif Infrastrukturenkäschte vun ongeféier 8 Milliarde Lëtzebuerger Frang bedeuten, wat, op sechs Joer verdeelt, géif pro Joer de Budget extraordinaire vum Stat mat 700 zousätzleche Milliounen belasteschen.

Wat d'Frais de fonctionnement ugeet, do hu mer e Modell proposéiert, wou ee graff kënnt soen: 1/3 bezillt d'Gemeng, 1/3 de Stat an 1/3 d'Elteren, well mer gesot hunn, mir géifen dat net gratis ubidden. Et soll een esou Strukturen och net onbedéngt bradéieren. Mir hunn allerdéngs och gesot, dass et selbstverständlech esou ass, dass déi Beiträg vun den Elteren, ähnlech wéi bei de Crèche, sozial gestaffelt solle ginn, fir net déi Elteren, déi manner Moyenen hunn, ofzehalen, fir hir Kanner an esou Strukturen ze schécken.

Do hu mer och e bëssen eng Extrapolatioun zu de Biekerecher Zuele gemaach. Mer kéimen op järelech Fonkctionnementskäschte vun 1,8 Milliarde Lëtzebuerger Frang. Dat géif fir de Stat, bei engem Modell vun 1/3 Cofinanzéierung, 600 Milliounen pro Joer bedeuten. Dat wär eng Augmentatioun vun 3% vum Budget ordinaire vun der Education nationale. Also keng fantastesch Zommen.

D'Konklusioun vun deem Ganzen. Ech géif mengen, wann een déi heite Proposition de loi géif muer aféieren, dann hätt een, am Géigesaz zu der Education précoce, nach sechs Joer Zäit, fir dat gemittlech unzegoen, an um Enn vun deene sechs Joer hätt een am ganze Land Infrastrukture vu Structures d'accueil, déi et géifen erméiglechen, an deenen eenzelne Gemenge verschidde Rhythmen, déi un d'Gemengen adaptéiert sinn, anzeféieren, ouni dass et dozou féiert, dass verschidden Elteren, déi jo aner familiär oder professionell Rhythmen hunn, doduerch diskriminéiert ginn.

Ech géif mir wënschen, dass déi Proposition de loi, déi sécher net muer agefouert gëtt, zumindest zu enger Versachlechung vun deem ominösen Débat iwwer

Rythmes scolaires an iwwer Structures d'accueil kéint féieren.

Ech soen Iech merci.

M. le Président. - Den Här Claude Wiseler huet d'Wuert.

Discussion

M. Claude Wiseler (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech muss soen, et wär sécher ganz vill zu deem Text ze soen, mir sinn awer amgaangen, an der Reglementskommissioun eng laang Diskussioun iwwert d'Riedezäiten ze féieren; dofir, hunn ech geduecht, géif ech mech op e puer Haaptpunkte konzentréieren.

Et ass vill an der leschter Zäit iwwert dee Sujet geschwat ginn. Vill Diskussiounen si schonn hei an op anere Plazen driwwer gefouert ginn. Ech fannen et awer net onwichtig, dass mer effektiv eng gewëss strukturéiert Form fannen, fir de Sujet unzegoen, dass mer am Fong an deenen Diskussiounen, déi mir iwwert dee Sujet féieren, versichen, en op en aneren Niveau vun der Diskussioun ze kréien, op den Niveau vun de Besoins effectifs, déi an deem Land bestinn. Dofir sinn ech och der Meenung, dass ee kucke soll, fir eng seriö a sachlech Diskussioun iwwert de Sujet ze féieren.

Et ass ganz sécher incontestabel, dass d'Besoinen säit Joren, wat d'Garde d'enfants ugeet, extrem grouss sinn, och gestiege sinn, muss ech soen, a mir hunn dat gemierkt an deene Wochen, déi vergaange sinn, am Kader vun der Diskussioun iwwer Schoulrhythmen, eng Diskussioun, déi ëmmer verbonne war mat der Demande no Structures de garde, wou ech awer muss soen, dass ech d'Impressioun hat, dass d'Liaisoun vun deenen zwee Sujeten, d'Schoulrhythmen op där enger an d'Structures de garde op där anerer Säit, schonn an der Logik vun der Saach war. Et ass och kloer, dass, wann een aner Schoulrhythmen aféiert oder als Gemeng wëllt aner Plages horaires fräimaachen, dann, wat d'Structures d'accueil ugeet, op deene Plages horaires, déi fräi sinn, Besoinen entstinn, déi vläicht bis elo net do waren.

Op där anerer Säit, muss ech awer soen, ass et net esou, dass, wann een déi Schoulrhythmen, déi momentan do sinn, bäibehält, dann déi Demande an déi Fro sech net géife stellen. Déi stelle sech och haut, an och wann déi Schoulrhythmen esou weidergefuert ginn, ass eng ganz kloer Demande do.

Mir hunn dat och gemierkt am Kader vun engem rezente Sondage, dee vun der ILReS gemaach ginn ass, dee jidferengem an deem Haus zoukomme gelooss ginn ass, wou eng vun de Froen war: Wat sinn Är Besoinen u Structures d'accueil? A wéi fannt Dir dat an der politescher Diskussioun wichteg?

85% vun de Leit hu gesot, dass se esou Strukturen als absolut noutwendeg ëmfannen. Dee Pourcentage war souguer méi héich bei deene méi Jonken ënner 35 Joer, dat heescht, déi am Alter sinn, fir Kanner ze hunn, déi vun esou Strukture kënnte benefizieséieren, wou de Pourcentage iwwer 90% geleeën huet.

Et muss een awer och soen, dass ganz vill Gemengen an deene leschte Jore substantiell Effore gemaach hunn, net nëmmen d'Fürstentum Biekerech, wéi den Här Garcia virdru gesot huet, mä och aner Gemengen hu probéiert, hir Offer ze dévoppéieren a se unzepassen un d'effektiv Besoine vun haut.

Ech muss och soen, well ech de Sujet e weéneeg kennen, dass déi Efforen, déi de Familljeministère an deem leschte Jorzéngt gemaach huet, fir d'Strukturen um Territoire vum ganze Land ze entwéckelen, net négligeabel sinn. Mir hunn haut iwwer 180 esou Foyeren, Garderien um Territoire vu Lëtzebuerg, wat eng stattlech Zuel ass, déi sech weise léisst, a wann ee se vergläicht mat Zuele vu virun 10 Joer, da weist dat, dass deen Effort, deen am Dévoppement gemaach ginn ass, déi Finanzen, déi do dra gestach gi sinn, awer den Témoignage si vun enger seriöser, volontaristescher Politik.

D'Grënn vun deene Besoinen, déi mir momentan an akzentuéierter Form hunn, si relativ gutt am Exposé des motifs vum Text vun der Proposition de loi opgezielt. Et geet haaptsächlech drëm, dass mer haut aner Liewensrythme vun de Familljen hunn, déi aner Besoinen dévoppéieren, dass mer eng akzentuéiert Fraenaarbecht hunn, dass mer de Partage des responsabilités an der Famill hunn, dass dat einfach en anert Liewen, haaptsächlech vu jonke Familljen, bedeit, e Liewen, wou esou Strukturen zu enger Normalitéit gi sinn, wou een als Politiker muss Responsabilitéiten huelen, fir déi Offer, déi verlaangt gëtt, esou wäit wéi méiglech unzebidden.

Et ass also richtig, fir ze soen, dass d'Schafung vun esou Strukturen net eng niewesächlech Diskussioun ass, déi gefouert gëtt niewent der Schoul, déi eng Obligatioun ass, mä dass et haut zu enger Diskussioun ginn ass, déi ee ganz aneren Niveau huet, wou, wann een iwwer Schoulen nodenkt, een och iwwer Kannererzéiung, iwwer Kannergarde nodenkt, dass dat zu enger Normalitéit ginn ass. Ganz anescht diskutéiere mer dat sécherlech, wéi mir dat nach virun 10 Joer diskutéiert hunn, an dofir ass et richtig, déi Diskussioun op een aneren Niveau ze hiewen.

Dofir ass et och wichtig, dass een eng Diskussioun féiert iwwert d'Responsabilitéiten, déi déi eng an déi aner hunn, iwwert d'Responsabilitéiten, déi de Stat an d'Gemengen haaptsächlech an deem Kontext hunn, iwwert d'Finanzéierung, wéi se an Zukunft gemaach gëtt, an déi Engagementer, déi déi eng an déi aner mussen huelen.

Dofir ass et och richtig, fir ze soen, dass déi Politik, déi soll gemaach ginn, eng Politik ass, déi d'Entwécklung vun esou Strukture soll volontaristescheënnerstëtzen. Wéi gesot, et si vill Effore gemaach ginn, mä déi Politik, déi an den nächste Jore gemaach gëtt, muss eng volontaristesche Politik an deem Sënn sinn.

Ech sti positiv zu deene grondsätzlechen Aussoe vun deem Text. Dat emol fir d'éischt. Da kommen natierlech eng Rei Remarken, déi ech trotzdem derzou ze maachen hunn, awer sachlech Remarken zum Text, an ech wëll se op deem Niveau halen.

Éischtens wëll ech soen, dass, wann d'Proposition de loi seet, dass mer sollen eng Rei Normen aféieren, wéi a sech déi Structures d'accueil du point de vue infrastructures et fonctionnement solle sinn a solle begleet ginn, ech der Meenung war, dass mer schonn eng Rei vun esou Norme momentan hätten, dass mer si iwwert d'Gesetz vum 8. September 1998 vum ASFT an dono vum Règlement d'application vum 28. Januar 1999, deen d'Conditions d'agrément vun deene Strukturen aféiert, festgeluegt hätten, an zwar iwwer Hygiène, Salubrité, Metercarréen a wat och nach ëmmer Der wëllt.

Elo kann een doriwwer diskutéieren, ob se gutt sinn, ob se schlecht sinn. Ech sinn och bereet, driwwer ze diskutéieren. An der Applikatioun, wann ee responsabel an de Gemengen ass, gesäit een d'Problemer, déi déi Reglementer an der Realitéit stellen. Et kann een driwwer diskutéieren, mä et kann een awer net soen, mir hätte keng, an et kann een net soen, mir missten elo eng nei Base légale schafen, fir se en place ze setzen.

Mir hunn eng Base légale, a mir sollen iwwert dat, wat mer hunn, vläicht eng Reflexioun féieren: Wat ass richtig, wat ass falsch, wéi kënne mer se änneren, oder ass et richtig, ass et falsch, esou wéi mir se elo hunn?

Datselwecht gëllt fir de Fonctionnement vun deene Strukturen.

Och do seet den ASFT-Text iwwert déi Konditiounen, déi e stellt, fir e Konventionnement ze maachen an deenen eenzelne Strukturen den Agrément ze ginn, wéi d'qualifizéiert Personal soll sinn, wat d'minimal Konditiounen vum Funktionnement solle sinn. Ganz oft besteet awer eng Konventioun tëschent dem Familljeministère an deene Strukturen, déi definéiert, wéi d'Horaires d'ouverture sinn, wéi de Funktionnement soll oflafen. Wéi gesot, och doriwwer kann een diskutéieren, mä de Fait ass, dass awer schonn zu engem Deel esou Saachen an der aktueller Législatioun bestinn.

Dat drëtt, wat ech wëll soen: Dir maacht hei eng Proposition de loi, wou Der a sech déi ganz Problematik vun de Structures d'accueil an de Gesetzestext vun 1912 aschreift, wat de Gesetzestext iwwert d'Schoulen ass. Dir hutt och eng ganz Explikatioun ginn, firwat Der dat esou maacht. Ech muss soen, dass ass fir eis net sou kloer, dass et genau an deem Text vun de Schoule gehéiert, an ech froe mech, ob dat dee richteg a korrekt Kader ass. Well Dir wëllt eng nécessaire, eng strukturell Liaison tëschent der Schoul an deenen Infrastrukturen hierstellen.

Ech sinn der Meenung, dass et richtig ass, eng Koordinatioun hierzustellen. Déi eng Strukture musse mat deenen anere koordinéiert ginn, se mussen eng op déi aner ofgestëmmt ginn, fir dass mer dat esou an de Grëff kréien, wéi mer et sollen. Ech mengen - an den Här Garcia huet et zu engem Deel duerchblécke gelooss an deem Exposé, deen hie gehalen huet -, dass et awer ganz wichtig ass, dass mer higinn an et net esou gestalten, dass d'Kand vun 8 Auer moies bis 6 Auer owes just an der Struktur vun der Schoul sech ophält. Et ass eng absolut Noutwendegkeet a Wichtigkeet, dass et am Laf vum Dag och an en aneren Uert geet, souguer geographesch an en aneren Uert, bei aner Leit, déi no engem anere Prinzip

schaffen, mat engem anere Geescht, ënner anere Konditiounen, fir datt déi Ofwiesslung do ass, déi et zu engem Deel vun der Schoul trennt, a méi engem récréative Kader, och wann an engem récréative Kader Educatioun sollt gemaach ginn, och wann do d'Erzéiung grouss geschriwwen ass.

Sou datt ech mengen, datt de Kader vun 1912 net onbedéngt dee richtegen ass, fir et anzeschreiwen. Bis elo ass et jo och esou, datt déi Politik, déi do gemaach ginn ass, zu engem groussen Deel vum Familljeministère gemaach ginn ass. Ech hunn dat och als Prinzip richteg fonnt, an d'Experienz huet eis gewisen, datt dat, wat gemaach ginn ass, jo awer relativ positiv Konsequenzen, zumindest an där Visioun, déi ech dervun hunn, an deene leschte Joren hat.

Wat ech nach wëll ernimmen, a wat aus Ärem Text ervirgeet, dat ass d'Wichtigkeet vun deene Strukturen, déi péri- a parascolaire sinn a sech awer direkt op d'Schoul bezéien, wéi zum Beispill d'Hausaufgabenhëllef. Dat ass fir mech eng prioritär Struktur, déi muss développéiert ginn, well een ëmmer an ëmmer méi gesäit, dass déi Kanner, déi vun enger Hëllef doheem bénéficiéieren, fir hir Hausaufgaben ze maachen, vill méi Chancen hunn, fir weider ze kommen. Et ass a mengen Aen eppes Wichteges, dass mer déi Chancëgläichheet duerch deen Appui an déi Offerte vun Appui fir Hausaufgabenhëllef esou maachen, dass mer och déi Chancëgläichheet an der Schoul vläicht méi verbesseren, wéi dat haut de Fall ass. Dat steet d'ailleurs och an Ärem Text.

Ech kommen zu mengem véierte Punkt. Dir hutt an deem Text relativ wéineg Plaz gemaach fir dee ganzen Deel vun deem Secteur, wat privat Crèche a Garderïe sinn. Mir hunn haut an deem Land eng ganz Rei Infrastrukturen, déi privat funktionéieren, wou de Stat, ausser datt e Qualitéitskontrolle mécht, a sech net vill do intervenéiert.

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG), auteur.- Dat ass awer éischter bis 4 Joer.

M. Claude Wiseler (CSV).- Jo, et gëtt der eng ganz Rei bis véier Joer, et gëtt der awer och, déi duerno déi Offerte nach maachen. Wat ech wëll soen, ass, datt et wichtig ass, och deene private Strukturen d'Méiglechkeet ze ginn, fir weider ze maachen.

Mir hunn der momentan 64 am Land, laut dem Rapport d'activités vum Familljeministère vun 1999. Ech mengen, datt een och déi Structure muss lieue loosse, datt ee muss kucken, datt een net eng déloyal - ech weess net, wéi een et anescht ausdrécke soll - Konkurrenz funktionéiere léisst vun öffentleche Strukturen, wou een d'Liewe vun deene Privaten, déi awer eng gutt Aarbecht zu engem ganz groussen Deel maachen, erschwéiert.

Mir hu jo, fir déi Aarbecht, wat verschiddeleche a Fro gestallt ginn ass, qualitativ ze assuréieren, den Text vum ASFT-Gesetz 1998 agefouert mat deem Règlement d'application fir 1999, fir sécher ze sinn, datt eng minimal Qualitéit an deene private Structure geséichert ass. Deen Deel vun der Politik kënnt manner an deem Text erëm. Et schéngt mer awer en net onwichtigen Dell ze

sinn, wann een an där Diskussioun hei wëllt weider kommen.

Am Allgemenge wëll ech dann och nach soen, dass déi Implications financières -Dir sot, dat géif sech gutt maache loosse -, 8 Milliarden, awer e Batz Sue sinn.

(Interruption)

Dir deelt se duerch sechs, mä trotzdem sinn et vill Suen, an et muss ee 600 Milliounen hu fir de Funktionement. Dat sinn Extrapolatiounen vum Fürstentum Biekerech, wou ee sech muss froen, wann een dat do an d'Realitéit vun anere Gemengen ëmsetzt, ob dat méi oder manner ass. Ech weess et net. Op jidde Fall wier dat ze vérifiéieren. Et muss een oppassen, wéi een do mat de Suen ëmgeet. Et kann ee se net zweemol ausginn, et kann ee se net an de Fong fir d'Dettes pour le Tiers Monde stiechen, eng Kéier, an dann déi nächst Kéier an d'Garderien. Do muss een trotzdem mat där néideger Seriositéit kucken, wéi een déi Finanzen géréiert.

Et ass och eng Fro fir mech, ob een eng Obligatioun fir d'Gemeng an deem Kader ka schafen. Ech weess net, ob d'Finanzsituatioun vun de Gemengen et zouléisst, fir dat do alles als Obligatioun esou en place ze setzen, wéi Dir dat virschlot. Dofir stellen ech mer iwwert deen do Volet vum Text och eng Rei Froen.

Dir sot och eppes, wat mer awer net onrichteg an och wichtig schéngt. Dir gitt ewech vun der Gratuitéit vun deene Strukturen. Dir sot, dass a sech eng Participatioun vun den Elteren, wann esou eng Offerte do ass, eng Noutwendegkeet ass. Ech fannen dat och richteg. Wann d'Schoul eng Obligatioun a gratis ass, dann ass dat normal, well et eng Obligatioun ass. Hei ass jo keng Obligatioun, also sollen déi Elteren, déi wëllen dervu profitéieren, dat kënne maachen, mä och hir Familljeresponsabilitéit huelen an dee Moment och eng finanziell Participatioun ginn.

Et ass e Choix, deen een a sengem Liewe mécht, a wann een de Choix op déi eng oder déi aner Säit mécht, da muss een einfach derzou bäidroen, fir d'Finanzéierung ze maachen. Selbstverständlech mat soziale Kritären, selbstverständlech soll keen ausgeschloss ginn. Do si mer eis eens. Mä ech wollt dee Prinzip nach eng Kéier ënnersträichen, deen een an Ärem Text ermëfent.

Ech wëll mat enger positiver Note ophalen. Ech mengen, wéi gesot, datt d'Grondprinzipien, déi an deem Text stinn, net falsch sinn, datt déi Diskussioun eng wichtig ass, fir se an Zukunft ze féieren. Et ginn eng Rei Froe sécherlech opgeworf; d'Äntwerten, déi Dir an deem Text op déi Froe gitt, si vläicht net ëmmer déi, déi mir richteg schéngen, mä d'Froe sinn awer déi, déi ze stelle sinn.

Et ass wichtig, wéi gesot, datt mer eng Plate-forme, e Forum fannen, fir déi Diskussioun ze féieren, och hei am Haus, sief dat en zukünftigen Débat d'orientation iwwert de soziale Secteur, deen net onwichtig ass, sief dat eng aner Plate-forme op anere Plazen. Déi Diskussioun ass fir déi nächst Joren eng wichtig Diskussioun, an d'Mise en pratique vun deem, wat hei gesot gëtt, ob esou oder ob engem aneren Niveau, ass eppes, wat schonn erstriewenswäert a wichtig ass.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Emile Calmes agedroen. Den Här Calmes huet d'Wuert.

M. Emile Calmes (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, esou sympathesch an esou louabel déi Initiativ hei ass, eng Proposition virzestellen, déi d'Structures d'accueil soll am Schoulgesetz festhalen, mat där innerhalb vu 6 Joer dann - deen Ament, wou dat Gesetz hei géif a Kraaft trieden - all d'Kanner d'Recht hätten, versuergt ze ginn - selbstverständlech fräiwëlleg - ausserhalb vun de Schoulstonnen, mengen ech, och wa se sou gutt kléngt, wäert et awer net esou einfach sinn, dat ëmzesetzen.

Dat schéngt net einfach ze sinn, eleng scho vun der Organisatioun hier, well wann all d'Gemenge sech elo op de Wee musse maachen, fir déi Strukturen innerhalb vu 6 Joer ze schafen, da gëtt dat e relativ importente Rush, souwuel beim Appel, fir d'Infrastrukturen ze bauen, awer och herno beim Appel, fir dat do herno ze géréieren. Et muss ee soen, dass eis Institutionen net esou schrecklech séier schaffen, dass een d'office d'Genehmegung erakritt fir déi Projeten.

Ech schwätzen do aus Erfahrung. Am Dezember 1998 hunn ech zum Beispill esou e Projet vun der Education précoce op de Wee ginn. Bis haut ass deen nach ëmmer net erëmmkomm. Dat heescht, dee läit elo schonn anerhaleft Joer do, fir genehmegt ze ginn, anscheinend well d'Kritären net festgeluegt sinn, fir esou en Neibau ze maachen. Wann dat och an deem anere Fall esou geet, da wäert et schwéier ginn, innerhalb vu sechs Joer d'Gemengen alleguer derzou ze bréngen, esou Structures d'accueil opzerichten.

Da gëtt gesot: De Stat bedeelegt sech mat 50% un de Käschten, déi doduerch entstinn. Et bleiwen allerdéngs nach 50% fir d'Gemengen ze iwwerhuelen. Wa se keng Gebaier hunn, déi zur Verfügung stinn, da mussen neier opgeriicht ginn, an dat kann ënner Ëmstänn deier kaschten. Et kennt ee jo och net d'Gréisstenuerdnung, déi déi Projete mussen hunn, well een d'Demande net kennt, an a sech gëtt duerch d'Offer éischter d'Demande kreéiert, sou wéi dat och zu Biekerech de Fall ass. Et ass awer net esou, dass bei alle Gemengen d'Geld nëmmen esou spruddelt. Zu Biekerech ass dat och net de Fall, dass d'Geld spruddelt,...

(Hilarité)

...mä et kennt trotzdem eppes méi Geld vu plattem Waasser eran, an dat gëtt hinnen natierlech och d'Méiglechkeet, esou Saachen ze organiséieren.

Deen drëtten Punkt ass dee vun de Gestionskäschten. Ech selwer hunn a menger Gemeng mam Gedanke gespillt, dat do anzeféieren. Dovun ofgesinn, dass d'Kandidaturen net schrecklech grouss waren, fir an esou eng Struktur ze kommen, hunn ech emol d'Rechnung gemaach, wat dat eng Gemeng wéi eis géif kaschten. Mat deene puer Kanner, déi sech do gemellt haten, muss ech soen, dass dat hors relation war, fir esou eppes direkt unzufänken. Ginn ech dann awer hin, fänken dat a méi

engem klengen Kader un a kreéieren d'Offer, dann, op där anerer Säit, schafen ech d'Demande, an innerhalb vun engem oder zwee Joer ass et ze kleng - wéi et zu Biekerech jo och gaange war -, da muss ech op de Wee vum Neibau goen.

Ech mengen, et muss een hei och en Ënnerscheid maachen, ob et eng kleng, eng ganz kleng, eng mëttel oder eng ganz grouss Gemeng ass. Esou Structures d'accueil loosse sech wahrscheinlech nëmmen um interkommunalen Niveau oft realiséieren. Do entsteet dann och de Problem vum Transport. Ech hu gesinn, dass dat dra steet.

Eng zweet Affär ass déi, dass den Educationsministère soll d'Kompetenz heivu kréien. Do schléissen ech mech de Wieder vu mengem Virriedner un. Et sollt ee schonn en Ënnerscheid maachen tëschent Schoul a Famill. Déi Structures d'accueil, déi mer hei wëlle schafen, sinn a sech en Ersatz fir d'Famill, an d'Kanner mussen jo an där Zäit och eng aner Beschäftegung kréie wéi nëmmen d'Schoul, quitte datt och dozou d'Hausaufgabe gehéieren, wann där nach sollten do sinn.

Dofir sinn ech der Meenung, dass dat hei an d'Kompetenz vum Familljeministère soll erakommen, deen den Know-how huet a schonn iwwert d'ASFT-Gesetz Normen a Funktionementsmodalitéite festleet fir Crèchen a Foyers du jour. Ech mengen, virun allem soll drop opgepasst ginn, dass hei eng Koordinatioun stattfënnt, vläicht eng besser, wéi dat bei der Aféierung vun der Education précoce de Fall war.

Ech wëll just drun erënneren, dass eng Partie Gemengen - an dozou gehéiert meng Gemeng, nieft der Gemeng Biekerech, och - déi éischt an och eenzeg interkommunal Crèche an deem Land hei exploitéieren. Mir - am Kanton Réiden ass dat - kënnen, wa jidferee bei eis an de Gemengen d'Education précoce aféiert, en Deel vun där Crèche do zou maachen. Ech froe mech awer, ob et net besser wier, datt een emol fir d'éischt zesummen, nieft eiser Crèche oder engem anere Bau, d'Education précoce géif aféiere mat den néidege Structures d'accueil. Dat, mengen ech, géif méi Sënn hei maachen.

Do dernieft sinn ech och der Meenung, dass een et virsiichtshalber beim Familljeministère sollt usiedelen, fir och de Problem vum Personal ze léisen. Wann een nämlech an den Educationsberäich géif goen, an et géif ee bei dem Personal, dat hei soll agestellt ginn, am sozio-educativen oder pedagogesche Beräich, mat Tâché vum Léierpersonal fueren, da géif dat ënner Ëmstänn Ausmoossen unhuelen, wou een d'Leit net géif fannen, fir dat do ze géréieren.

Do sinn ech beim drëtten Punkt vun der Proposition. Do geet Rieds vu 1.500 Leit, déi mer brauchen. Elo scho maachen d'Leit sech rar, an als President vun enger A.s.b.l. muss ech soen, dass mer elo schonn oft Schwierigkeiten hunn, Leit ze fannen, fir déi Tâchen ze maachen um Niveau vun de Crèchen a Foyers du jour. Wann een hei innerhalb vu 6 Joer op 1.500 Leit misst zrëckgräifen, da wäert dat net sou einfach ginn.

Trotzdem si mer der Meenung, dass d'Regierung alles soll ënnerhuelen, d'Gemengen ze incitéieren an och ze

ënnerstëtzen, fir op de Wee ze goen, fir Structures d'accueil an de Primär- a Spillschoulen ze schafen, sou séier wéi d'Gemengen dat wëllen an d'Demande do ass, gegebenenfalls dat och an Etappen ze maachen, selon les besoins. Selbstverständlech solle mer se do finanziell begleeden, souwuel um Niveau vun den Investitiounen wéi och um Niveau vum Funktionement.

Ech mengen, et sollt een och higoen, d'Gemengen unhale an invitéieren, dat ze maachen, a menger Meenung no geet dat duer, fir an deem Domän hei eng Dynamik ze entwéckelen, déi der Demanden vun deem Ganzen nokënnt.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen agedroen. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Diskussioun, déi mir op Grond vun der Proposition de loi vum Kollege Garcia haut de Mëtteg iwwert d'Structures d'accueil féieren, ass schonn eng ganz wichteg Diskussioun, déi sécherlech an de leschte Wochen - wann et och net direkt heimat zesummenhänkt - dach un Aktualitéit gewonnen huet, eleng doduerch dass vum Educatiounsministère aus d'Proposition un d'Gemeinde gaangen ass, fir d'Tâche vun de Schoule vun 29 op 28 Stonnen erfrozesetzen.

Do hu mer Villes an där Diskussioun materlieft, an och Villes ass duerchenee geworf ginn. Dofir ass et scho richtig, wa mir eis eng Kéier iwwert d'Grondprinzipien ënnerhalen, mä dat geet sécherlech iwwert dëse Kader eraus, an ech sinn der Meenung, dass mer an der zoustänneger Kommissioun en Débat d'actualité solle virbereeden, fir déi ganz Palette, déi heimat zesummenhänkt, kënnen am Detail ze diskutéieren an déi néideg Konklusiounen doraus ze zéien.

Et ass richtig, dass eis Gesellschaft sech an deene leschte Jore staark verännert huet. Et ginn haut vill méi Frae mat schaffen, wéi dat viru Joren nach de Fall war. D'Familljen hunn och haut aner Fuerderungen. Si hunn en anere Liewensrhythmus entwéckelt. Mir hu Familljen, wou de Mann oder d'Fra eleng d'Kanner erzéien. Mir hunn eng héich Scheedungsrate am Land. Mir hunn Elteren, déi zu zwee schaffe ginn, a mir hunn och nach dat, wat mer déi traditionell Situatioun nennen, déi, wou nach een Elterendeel doheim bleift, fir sech der Kanernerzéiung ze widmen.

Mir hunn eng ganz Rei Situatiounen, deene mir musse begéinen, an d'Politik muss op d'Besoinen, déi am Vollek entstinn, reagéieren.

D'ILReS-Ëmfro huet bewisen, dass 85% vun de Leit sech positiv ausgesprach hunn, fir esou Structures d'accueil ze schafen. Obschonn ech ëmmer virsiichteg si bei esou Ëmfroen, well d'Leit net kënnen all d'Fakte kennen, wa se esou Froe beäntweren: Richtig ass, dass d'Nofro no esou Struktur grouss ass. Mir dierfen awer net an där Diskussioun, och wann et an der Zwëschenzäit eng Minoritéit ginn ass, déi traditionell Famill vergiessen.

Ech sinn der Meenung, dass, wann een an d'Structures d'accueil investéiert, een op där anerer Säit als Gesellschaft och muss an déi Famill investéieren, déi sech fir deen traditionelle Modell entscheed huet.

Et ass kloer, dass mer hei mussen eng Rei vu Froen stellen a klären. Et ass richtig, wéi mäi Kollege Calmes gesot huet, dass dat do eng Problematik ass, déi sech net wäert kuerzfristeg léise loossen.

Wéi mer den Enseignement précoce virun zwee Joer decidéiert hunn, ass an der Auseinandersetzung mat dem Parlament d'Regierung zu engem gewësse Zäitpunkt higaangen an huet den Datum, wou deen Enseignement obligatoresch gi wär, ëm zwee Joer ausgesat. Mir wäerten awer elo an der Praxis gesinn, dass déi 118 Gemengen am Land och mat deem neie Stéchdatum net à même wäerte sinn, fir deen Enseignement précoce iwwerall unzebidden, well ganz einfach déi néideg Infrastrukture feele wäerten, well mer e System vu Prozeduren am Land hunn, dass een nun emol net eng Schoul an zwielef Méint ka bauen. An der Regel daueren d'Prozeduren tëschent engem an zwee Joer, ier een iwwerhaupt kann ufänke mat bauen. An der Zwëschenzäit hate mer och Gemengerotswalen, wou nei politesch Majoritéiten nei Prioritéiten oder aner Akzenter gesat hunn, esou dass ee gesäit, dass een esou eppes net kann esou séier realiséieren.

Dofir, mengen ech, muss ee scho punktuell virgoen, an et sollt een och net zevill vun uenen erfroctoyéieren. Dat ass ee vun de Problemer, déi mir hunn. Et sollt een de Gemeinde méi Fräiraum ginn. Et sollt ee se éischer begleeden, wéi se zevill dirigéieren, well d'Gemeinde kennen an der Regel am beschten d'Besoinen, déi sech spezifesch bei hinne stellen. Si si verschidde vu Gemeng zu Gemeng, vun Uertschaft zu Uertschaft, an a grouss Stied souguer vu Quartier zu Quartier. D'Gemeinde wäsen am beschten, ob hir Besoinen ze reagéieren, an dofir sollt een de Gemeinde méi Fräiraum loossen, awer et sollt ee se begleeden an am Fong e Kader schafen.

Eng éischt vun deene Froen, déi sech stellen: Ass et richtig, dass et ënnert de Familljeministère fällt, oder ënnert dee vun der Educatioun? Ech muss Iech éierlech soen: Wann ech den Enseignement précoce kucken, wann ech haut mat deene Leit schwätzen, déi bei eis doran aktiv sinn, da soen déi, en hätt éischer an d'Famill gepasst wéi an d'Educatioun. Dofir muss ech logescherweis soen, wann ech vu Structures d'accueil schwätzen, dass déi éischer an de Familljeministère passen, well einfach méi do dat gemaach gëtt, wat d'Famill an der Regel gemaach huet. Et gëtt net eng Formatioun mat deene klengen Kanner gemaach; och niewent der Schoul, well et soll jo net sinn, dass déi Kanner e ganzen Dag edukativ betreit ginn, mä si kréie quasi en Ersatz fir dat, wat d'Gesellschaft, d'Famill, op Grond vun der Situatioun, wéi se haut ass, net méi ka bidden. Dofir musse mir dee Kader do schafen.

Et mussen awer och kloer Kritäre geschafe ginn, Kritären iwwert d'Infrastrukturen, wat d'Gréisst ubelaangt vun de Raimlechkeeten, an alles dat ronderëm.

Mir wëssen all - déi Gemengeleit, déi heibanne sinn, eng nei Schoul bauen oder eng gebaut hunn -, dass een am Prinzip all déi Kritären, déi an deem betreffende Reglement virgesi sinn, quasi net ka respektéieren, well soss géif et en immense Volume vu Gebai ginn. Et misste Préaue gebaut ginn, déi quasi eng Sportshal géifen ausmaachen. Dofir muss een oppassen, dass ee Kritäre schaaft, déi vertriebar a virun allem finanzéierbar fir d'Gemenge bleiwen, well wa mer do zevill fuerderen, dann ass dat op där anerer Säit eng Brems, dass d'Gemengen aus finanzpoliteschen Iwwerleeungen net kënne matzéien.

Ech schwätzen dervun, well mer zougedroe ginn ass, dass zum Beispill bei de Kantinnen am Familljeministère d'Iddi géif ronderëm goen, fir d'Säll nëmme bis maximal 25 Kanner zouzeloossen. Dat bedeit, dass een niewent enger Schoul quasi eng nei Schoul muss bauen, fir d'Kanner alleguer an enger Kantin ënner Daach ze kréien. Mir mussen do um Terrain vun der Realitéit bleiwen a kucken, dass et herno réalisierbar ass.

Hausaufgabenhëllef fällt sécherlech an den Domän vun der Schoul, mä et fällt awer och an den Domän vun de Structures d'accueil.

Et ass och d'Fro vun der Qualifikatioun vum Personal, ob mer héichqualifizéiert Personal huelen, oder ob mer esou e Mëschsystem maachen, wéi mer et beim Enseignement précoce gemaach hunn. Mir hunn am Enseignement précoce ganz paradox Situatiounen, wou am Fong deen, deen de Posten huet, den Enseignant vum Préscolaire, ënnert d'Tâche vun den Enseignante fällt. Déi zweet Tâche, déi een derniewent setzt, gëtt da 40 Stonne mat 25 Deeg Congé d'Joer ofgespeist, wou een dann an engem Sall zwou Persounen huet, déi grondverschieden Tâchen hunn. Dat ass keng gutt Situatioun, an et sollt een oppassen, dass een elo och hei net esou eng cocasse Situatioun schaaft. Och de Statut vun deene Leit sollte mer diskutéieren.

Da kënnt d'Finanzéierung tëschent dem Stat, de Gemengen an den Elteren. Ech fannen et och richteg - a mir ënnerstëtzen dat vun eiser Säit -, dass och d'Eltere mussen eng Participatioun dobäi droen. Et kann net esou sinn, dass op eemol alles gratis offréiert gëtt, dass ee, wéi mir am Volleksmond soen, d'Kand moies ofgëtt, an et geet een et owes sichen, an d'Allgemengheet, déi zillt et, versuergt a bezillt och nach derfir.

Hei ass d'Famill gefuerdert. An déi Famill, déi vun der Allgemengheet déi Leeschtung gebuede kritt, muss och bereet sinn, fir déi Leeschtung ze bezuelen, well soss ass schlussendlech déi Fra oder dee Mann, deen doheem bleift, fir dat ze maachen, dann awer wierklech staark benodelegt vis-à-vis vun der neier Situatioun.

Parallel derzou musse mer e Konzept ausschaffen iwwert d'Schoulzäiten. Et muss een allerdings soen, dass, wa mer d'Schoulzäiten net änneren, dee Besoin bestoe bleift, mä et ass sécherlech vum Rythme scolaire hier och eng Fro, déi opsteet.

Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, mir hu bal alleguer aner Verflchtungen elo um 6 Auer, an dofir wëll ech schléissen.

Ech soen dem Initiator merci, dass hien eis haut d'Geleeënheet ginn huet, duerch seng Proposition de loi eng Diskussioun ze féieren, awer ech bleiwen der Meinung, dass mer eis sollten eng Kéier méi laang Zäit huelen an an der zoustänneger Kommissioun e Rapport ausschaffen, fir iwwert déi ganz Problematik en Débat d'orientation ze maachen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Den Här Ben Fayot huet d'Wuert.

M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt zu där interessanter Proposition de loi e puer Iddien am Numm vu menger Fraktioun virdroen.

Fir d'éischt emol begrëisse mir et, dass den Auteur des Proposition de loi an de Kader vun dem Schoulgesetz vun 1912 gestallt huet. Dat ass fir eis ganz kloer de Kader vun der öffentlecher Schoul. Et geet also hei ëm öffentlech Déngschtleeschungen am Kader vun der öffentlecher Schoul, a mir mengen och, dass déi Strukturen ënnert d'Kompetenz vun der Education nationale gehéieren, an net ënnert d'Kompetenz vum Ministère de la Famille.

Et handelt sech hei net ëm eng aner Tâche wéi déi vun der Education nationale, well mer jo iwwert déi Strukturen dat wëllen erreechen, wat mer och iwwert des Schoul wëllen erreechen, nämlech méi Chancëgläichheet ënnert de Kanner.

Mir wëssen, dass et eng ganz Partie Kanner gëtt, besonnesch an der heiteger gesellschaftlecher Situatioun, déi doheem déi Konditiounen net fannen, fir sech ze entfalten, fir sech der Schoul an och der Kultur vis-à-vis ze entfalten, an dofir muss d'öffentlech Hand dat iwwerhuelen, an dofir brauche mer esou Strukturen.

Déi Erfahrung, déi mir besonnesch an der Stad Lëtzebuerg gemaach hunn, weist, dass op alle Pläng vun deene Strukturen, ob dat Kantinne sinn, ob et Foyers de jour sinn, ob et Hëllef ass fir Hausaufgaben, ob et einfach Surveillance ass, eng interessant erzéieresch Aktivitéit ka geschéien, mam Respekt selbstverständlech vun deenen eenzelne Säiten, dat heescht, dass mer niewent der eigentlecher Schoulzäit och nach Zäiten hunn, wou e Kand sech muss erhuelen, wou et roueg kann iessen, wou et sech och kann zrëckzéien, liesen, sportlech oder soss Aktivitéite maachen. Dat gehéiert an eisem Verständnis zu engem Gesamtkonzept vun der öffentlecher Schoul, an dofir menge mer, dass esou Strukturen dozou gehéieren.

Déi zweet Iddi, déi mir interessant fannen an deser Proposition de loi, dat ass, dass deen Développement vun Infrastrukturen duerch e volontaristeschen Akt soll kommen. Et soll also net nëmme eng Hëllef sinn au cas par cas, mä et soll eng wëssentlech, eng volontaristesche Aktioun sinn, fir déi Infrastrukturen iwwerall am Land ze

entwéckelen. Selbstverständlech sinn d'Besoinen jee no de Gemengen anerer. A grousser Gemenge si se anescht wéi a klengere Gemengen, mä ech mengen, wichteg ass: Esou wéi mir d'öffentlech Schoul iwwerall um Ufank vum 20. Jorhonnert wollten, esou wëlle mer hautdesdaags iwwerall esou öffentlech Strukturen, an dofir fanne mir et scho wichteg, dass esou e volontaristeschen Akt gesat gëtt an ee sech e Plang gëtt, wéi een déi Infrastruktur wëllt dévloppéieren.

Mir mengen och, dass mir eng Iwwerleeung musse maachen, wéi mir engersäits Schoulgebaier an anersäits esou Infrastruktur finanzéieren. Ech fannen och, dass déi Approche, déi an der Proposition de loi vum Här Garcia steet, eng interessant Approche ass.

En drëtten Punkt, deem ech kuerz hei wollt ervirsträichen, ass, dass mer an enger Gesellschaft zu Lëtzebuerg sinn, wou esou Strukturen säit enger Partie Jore scho feelen. Mir sinn an engem Land, wou de Beschäftigungssatz vun de Frae mat deem niddregsten ass vun den europäesche Länner. Dat huet ganz bestëmmt dermat ze dinn, dass mir hei an deem Land de Fraen, déi Kanner hunn, an deenen, déi Kanner ze versueren hunn an op där anerer Säit e Beruff wollten ausüben, déi Strukturen

net zur Verfügung gestallt hunn. Dofir ass et, menger Ansicht no, en Zeeche vun enger fortschrëttlecher Politik, dass een esou Strukturen entwéckelt, an och aus där Perspektiv eraus ënnerstëtze mer esou eng Aktioun.

Ech sinn net iwwerzeegt, wann ech dat hei alles gehéiert hunn, wat ech de Mëtteg gehéiert hunn, dass et kloer ass, an de Käpp vun de Leit alleguer vun deenen eenzelne Parteien, wou de Wee soll higoen. Ech mengen schonn, dass dat hei eng politesch Optioun ass, net einfach e Saupoudrage, eng Hëllef, mä eng politesch Optioun fir d'öffentlech Schoul an och fir d'Chancëgläichheet vun de Kanner.

Ech soen Iech merci.

M. le Président. - Domat wier dës Punkt ofgeschloss, a mir sinn um Enn vun eiser Sitzung ukomm.

Ech wollt d'Chamber drun erënneren, dass d'Sitzung vu muer, wou de Statsminister d'Deklaratioun iwwert d' Lag vun der Natioun mécht, um 15 Auer ufänkt.

D'Sitzung ass opgehewen.

(Fin de la séance publique à 17.45 heures)

30^e séance

Mercredi 10 mai 2000

Présidence

M. Jean Spautz, Président

Ordre du jour

1. Allocution de M. Jean Spautz, Président de la Chambre des Députés, à l'occasion de la commémoration du 10 mai 1940
2. Déclaration de politique générale sur l'état de la Nation de M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mmes Marie-Josée Jacobs, Erna Hennicot-Schoepges, MM. Michel Wolter, Luc Frieden, Henri Grethen, Charles Goerens, Carlo Wagner et François Biltgen, Ministres; MM. Joseph Schaack et Eugène Berger, Secrétaires d'Etat.

(Début de la séance publique à 15.00 heures)

M. le Président. - D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

1. Allocution de M. Jean Spautz, Président de la Chambre des Députés, à l'occasion de la commémoration du 10 mai 1940

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, zesumme mat der Regierung an allen Awunner vum Land verneigt och d'Chamber sech haut, 60 Joer nom 10. Mee 1940, virum Misère, dee mam leschte Krich iwwert d'Lëtzebuerger Vollek komm war. Deemools huet eist Land bewisen, zu wat e klenkt Vollek fäeg ass, wann et drëm geet, enger friemer Oppressioun d'Stir ze bidden.

Mir denke mat Respekt an Dankbarkeet un all déi, déi an der Resistenz, an de KZer, an de Prisongen an an der Émsiedlung gelidden hunn, fir datt mir konnten e fräit Vollek an engem fräie Land bleiwen, net ze vergiessen